

We ~~want~~ need you!

Du bass eng fréier **Guide** oder ee fréiere **Scout**,
Elterendeel vun engem oder **du bass einfach nëmme virwëlzег ?**

Dann ass dëse Bréif fir dech!

Zënter 107 Joer gëtt mat de Kanner zu Dikrech Feier gemaach, Kaarte gelies, gebastelt a villes méi! Et heescht net fir näischt: eemol Scout ëmmer Scout, et ass eng Zäit déi een net vergësst, déi ee markéiert a wou een erwuesse gëtt. Déi Jonk schlësse bei de Guiden a Scouten Frëndschafte fir d'Liewen, léieren d'Natur ze respektéieren a sech ëm d'Wuel vun hire Matmënschen ze këmmere.

Fir dëst de Jonken ze erméigleche brauch et motivéiert Leit, deenen et Spaass mëscht zesumme mat de Jonken ze léieren an déi engagéiert sinn dës flott Aktivitéiten ze organiséieren. An dofir brauche mer dech! Fir all dëst de Kanner a Jugendleche weiderhi kënnen ze erméigleche brauche mir Ënnerstëtzung!



Du bass:

info@diekirch.lgs.lu

- **motivéiert**
- **kanns gutt mat Kanner**
- **geess gären eraus an d'Natur**
- **hues gäre Spass**
- **amüséiers dech gären an der Equipe**
- **wëlls der Gesellschaft eppes Guddes doen**

A lass! Mell dech bei eis!

Dat seet der elo alles zou an du wëlls de Kanner weiderhin d'Méiglechkeet bidden de Scoutismus kënnen ze erliewen. Mee du hues keng Erfahrung a mengs dat wier der alles e bëssen ze vill? Kee Problem, e Scout hëlleft. Mir loossen dech net eleng an hëllefen der Fouss ze faassen. An du wäerts gesinn, ganz schnell schléifs de léiwer am Zelt ewéi an dengem eegene Bett!

Mir schwätzen awer hei dauernd vu Kanner a Jugendlechen. Wat heescht dat? Déi Jonk sinn a verschidden Alterskategorien ageedeelt. Dat heescht wann s du eis hëllefë kënns, géings de bei enger Alterskategorie matmaachen fir eemol d'Woch 2 Stonne mat hinnen d'Versammlung ze halen.



Biber	6-8 Joer	all zweete Samsdeg vu 14h00 bis 16h00
Wëllefcher	8-11 Joer	Samsdes vu 14h00 bis 16h00
Avex	11-14 Joer	Freides vun 18h30 bis 20h00
CaraPio	14-17 Joer	Freides vun 18h00 bis 20h00
RaRo	17-23 Joer	Regemëisseg Freides oder Samsdes